N°7111
Entrée le 03.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.11.2022

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 2 novembre 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden:

*„Mëtt Mee dëst Joer war bekannt ginn, datt de Standuert Woltz vum Centre hospitalier du Nord een IRM (Imagerie par résonance magnétique) soll kréien. Eng Demande wier an deem Sënn vum Nordspidol agereecht ginn.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister fir sozial Sécherheet folgend Froe stellen:*

*1. Wou ass den Dossier vun engem IRM, deen an der Weelzer Klinik installéiert soll ginn, aktuell drun? Gouf den Dossier mëttlerweil formell vum Centre hospitalier du Nord agereecht?*

*2. Wéi vill Patiente kéinten zu Woltz am Duerchschnëtt dagdeeglech mat dësem IRM ënnersicht ginn?*

*3. Wéi héich gëtt de Käschtepunkt vu sou engem IRM ageschat?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Carole HARTMANN
Deputéiert